# newsmag

N 268 | JULI 2022
Bulletin bilingue | Zweesproochege Buet

GEMENG SCHËFFLENG

ESCH-SUR-ALZETTE
EUROPEAN CAPITAL
OF CULTURE



# SPECIAL INVITATION
# 22.07.2022

DIR KËNNT MECH ERAUS RAPPEN!

VOUS POUVEZ M'ARRACHER !



17H00 AFTERWORK

18H00 OPENING SCHËFFLENGER MOUNT

SCHËFFLENGER HAFF
(BEIM SCHËFFLENGER KONSCHTHAUS)

ESCH-SUR-ALZETTE
EUROPEAN CAPITAL
OF CULTURE




# Eis Gemeng.
# Notre Commune.

**Awunner** | Habitants | 11.301
**Gesamtfläch** | Superficie | 771 Ha
**Personal** | Personnel | 262
**Fraen** | Femmes | 149
**Männer** | Hommes | 113


**Éditeur responsable**
Administration communale de Schifflange

**Rédaction**
Service des citoyens et de la communication

**Images et Illustrations**
Service des citoyens et de la communication | Tom Di Maggio

**Layout, Conception**
MOSKITO

**Impression**
Imprimerie Heintz

**Tirage**
5.000 exemplaires

**LU** _ Eise Schëfflenger Mount steet virun der Dier. Vum 22. Juli bis den 18. August fokusséiert déi **europäesch Kulturhaaptstad Esch2022** sech ganz op d'Gemeng Schëffleng.

Dës Ausgab vum Newsmag ass souzesoen eng Spezialeditioun **"Esch2022 – Schëffleng ass dobäi".**

Bliedert de Magazin duerch. Et ass bestëmmt déi eng oder aner Iwwerraschung fir Iech dobäi.



**FR** _ Du 22 juillet au 18 août, la **Capitale européenne de la Culture Esch2022** se concentrera entièrement sur la Commune de Schifflange. C'est donc bientôt notre mois à nous !

Ce numéro du Newsmag est en quelque sorte une édition spéciale **« Esch2022 - Schifflange en fait partie ».**

Parcourez le magazine et – si vous ne les connaissez pas encore – laissez-vous surprendre par les différentes attractions hors du commun.



# Index

**Virwuert vum Buergermeeschter** | Le mot du bourgmestre 06

## **Retrospektiv** | Rétrospective **08**

Retrospektiv a Biller 09
Nationalfeierdag zu Schëffleng 2022 12
Expo Lindner & Neuman 14
E22: Presentatioun Schëffleng2022 16
E22: 1001 Tonnen 18
E22: Lancement "Spieglein, Spieglein" 20
E22: Aweiung - D'So vum Marxeweier 22
E22: Ouverture FerroForum 24
E22: Um Tuer mat "Minett on Tour" 25
E22: Die Maschine steht still 26
E22: Pressekonferenz Metzeschmelz 27


## **Neiegkeeten** | Nouveautés **28**

Esch2022: Interview mat eisem Schäfferot 29
Esch2022: Schëffleng2022 35
Projet Footprint 42
Esch2022: "Earthbound – In Dialogue with Nature" 44
Gold fir Schëffleng 45

**Save the Date** 46

**Verschiddenes** | Divers 50
Exposition de l'artiste Frank Jons 51
Nei Mataarbechter 54
Formulaire Sproochecoursen DE+FR 55
Rubrik Jugend 59
Info 64

**Politik** | Politique 67





**Paul Weimerskirch**
**Buergermeeschter** | Bourgmestre

**LU — Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Den Nationalfeierdag, d'Fest vun eiser klenger Natioun ass eriwwer. Vun Enn Juli bis Enn August feiert eis Gemeng am Kader vun der europäescher Kulturhaaptstad **Esch2022**. E flotte Programm mat als Héichpunkt dem Festival "Europe goes Scuffelingen" ass geplangt.

Et sinn dës alles Zeechen an Evenementer, déi ënnersträichen, datt verschidden Natiounen a Kulture mateneen eens ginn, zesumme feiere kënnen, an datt ëmmer nees op en Neits Brécken tëschent Mënschen, déi eng aner Sprooch schwätzen, déi eng aner Liewesastellungen an eng aner Mentalitéit hunn, geschloe kënne ginn. All Mënsch ass eenzegaarteg a suergt domatter fir eng lieweg Gesellschaft, wou ëmmer nees Toleranz, Versteesdemech a Solidaritéit gefrot sinn.

Mat Freed an Zouversiicht seet eis Gemeng - soen eis Matbierger - deenen europäeschen an deene Leit, déi aus alle Länner vun der Welt op Schëffleng kommen, zu Schëffleng liewen ee **"Wëllkomm"** vun Häerzen. De Pilier vun eiser Gesellschaft ass ouni Zweiwel de Mateneen, de Wëllen zum Zesummeliewen, d'Akzeptanz vun der Villfalt an de Wee vun der Solidaritéit. Dat ass hei zu Schëffleng säit Joren de Fall ... all eis Matbierger verdéngen dofir e Merci, Respekt an Unerkennung fir sech op dësem Wee z'engagéieren.

De Schrëfsteller Antoine de Saint-Exupéry huet dat esou beschriwwen: Moi, je pense que nous avons besoin, toujours, de nous mobiliser pour une chose commune, pour la solidarité et la tolérance, pour une communauté.



**FR — Chers concitoyens,**

La fête nationale, la fête de notre petite nation, est terminée. De fin juillet à fin août, notre commune pourra célébrer de nouveau, ceci dans le cadre de la Capitale européenne de la Culture **Esch2022**. Un beau programme avec comme point culminant le festival « Europe goes Scuffelingen » est prévu.

Tout cela souligne que différentes nations et cultures peuvent se réunir, fêter ensemble, et que maintes et maintes fois, des ponts peuvent être battus entre des personnes qui parlent une langue différente, qui ont un mode de vie et une mentalité différents. Chacun est unique et contribue ainsi à une société dynamique, où la tolérance, la compréhension et la solidarité sont toujours de mise.

Avec joie et confiance, nous souhaitons du fond du cœur **la bienvenue** aux personnes qui viennent du monde entier à Schifflange. Un des piliers les plus importants de notre société est sans aucun doute l'unité, la volonté de vivre ensemble, l'acceptation de la diversité et le chemin de la solidarité. C'est le cas ici à Schifflange depuis de nombreuses années… c'est pourquoi tous nos concitoyens méritent un merci, un respect et une reconnaissance pour leur engagement sur cette voie.

L'écrivain Antoine de Saint-Exupéry l'a décrit ainsi : Moi, je pense que nous avons besoin, toujours, de nous mobiliser pour une chose commune, pour la solidarité et la tolérance, pour une communauté.



# Retro-spektiv

**LU _ Déi lescht Zäit war nawell vill lass – virun allem Nationalfeierdag war nees e richtegt Fest. Et war esou vill lass, datt mir léiwer d'Biller fir sech schwätze loossen…**

**Op eis Projeten, déi a Verbindung mat Esch2022 stinn, wäerte mir natierlech méi en détail agoen. A well zu Schëffleng och reegelméisseg d'Konscht am Fokus steet, werfe mer och nach e Bléck op d'Schëfflenger Konschthaus.**

**FR _** Ces dernières semaines étaient fort chargées - surtout la fête nationale était à nouveau une vraie fête. Plutôt que de vous raconter, nous préférons vous montrer les images de toutes ces festivités…

Nos projets liés à Esch2022 vous seront évidemment présentés en détail. Et comme Schifflange se concentre beaucoup sur le domaine de l'art, nous parlerons également de notre «Konschthaus».



# Retrospektiv a Biller





1. Mee Virfeier





Bamplanzaktioun







Coupe scolaire

Een Dag an der Natur









Concert Philippe Schartz







Europadag







Faires Frühstück







Klimabonus Konferenz







Klimapaktdag: Gold fir Schëffleng

Visite à Drusenheim : 50 ans de jumelage












Visite Drusenheim Délégation Schifflange





Plooschterprojet

Remise de diplômes Animateur





Visite ambassadrice britannique





Remise de diplômes babysitter

# Nationalfeierdag zu Schëffleng 2022

## SÉANCE ACADÉMIQUE 20.06
























# SCHËFFLENGER FEST 22. & 23.06






















# Expo Lindner & Neuman

### Exposition au Schëfflenger Konschthaus des artistes Anne Lindner et Christian Neuman

**FR _ Anne Lindner :** est une artiste professionnelle. Née à Cologne, en Allemagne, Anne Lindner a déménagé au Luxembourg à l'âge de cinq ans avec sa famille.

Le travail d'Anne Lindner est une réflexion sur les questions émotionnelles et sociales en reflétant la société elle-même. Son principal intérêt réside dans la découverte du monde souterrain des gens. Dépeignant délicatement le monde émotionnel des personnes qui l'entourent. L'utilisation de différents médias et matériaux est sa force créative. Les choses qui nous entourent, les matériaux et objets du quotidien. Elle aime piéger le spectateur dans son travail rêveur et vulnérable.

Son engouement pour l'utilisation des contrastes et des contraires est une constante récurrence dans son langage visuel.

En 2013, elle a remporté le « Prix de Révélation » du Cercle Artistique du Luxembourg avec son travail photographique « Behind Closed Doors ». La même année, elle a reçu le « Prix MédiArt » de Mediart, Luxembourg.

**Christian Neuman :** est un artiste et cinéaste. Neuman joue beaucoup et consciemment avec la perception visuelle, il ne se laisse pas enfermer dans une catégorie. Dans cette exposition composée uniquement d'images récentes, l'œil est constamment confronté à l'inédit et au surprenant, dans un constant franchissement des frontières.

Certaines œuvres montrent des paysages non figuratifs et délavés comme « Fog », d'autres des thèmes typiques des films d'horreur comme des cadavres, des cimetières, des crânes ou des fantômes. Motifs qui représentent peut-être le traitement visuel des peurs primaires.

Les images pop art colorées inspirées de la culture underground telles que « Violets » ou « Radiant » ont aussi leur place, tout comme les installations d'images punk/trash ou les images de la nature. C'est une exposition qui se nourrit de forts contrastes visuels.

**Schëfflenger Konschthaus**

La galerie est ouverte du **mercredi au dimanche** de **14h à 18h**
**2, avenue de la Libération L-3850 Schifflange**

621 63 83 93
konschthaus@schifflange.lu
www.schifflange.lu
Schëfflenger Konschthaus Asbl

# 14.05 - 18.06

Avec son art, l'artiste luxembourgeois se déplace «à la limite de l'expression pure afin de capturer sans fioritures les états authentiques des émotions humaines» - comme il le dit lui-même, et ceci à la fois en tant que cinéaste et en tant que photographe et peintre. Chez lui il n'y a pas de réduction à un genre, c'est une recherche constante de nouvelles formes et limites d'expression. «Il s'agit de lignes fines et abstraites et de l'acte de conception jusqu'à ce que vous atteigniez vos limites et que l'expressivité pure trouve sa forme», explique l'artiste.

Neuman a étudié en Allemagne, en Angleterre et aux États-Unis, il est titulaire d'un baccalauréat en conception de médias et d'une maîtrise de la London Film School. Il a déjà exposé en Allemagne, au Luxembourg, aux USA et en Angleterre.

L'exposition «The Silence of the High Pines» d'Anne Lindner et «Powers of Recall» de Christian Neuman - n'est à manquer sous aucun prétexte, ce sera une expérience fantastique, pleine de couleurs - un vrai plaisir à voir!







# Presentatioun Schëffleng2022

## Schëffleng goes Culture

**LU** — Den 12. Mee huet d'Gemeng Schëffleng agelueden op d'Virstellung vun enger Hellewull kulturelle Projeten, déi zum Deel och zum Programm vun Esch2022 gehéieren. De Buergermeeschter Paul Weimerskirch an de Schëfflenger Koordinator fir Esch2022 hunn hei déi zwee Projete vun der Gemeng Schëffleng, wéi och eis aacht aner Projeten, déi d'Gemeng materiell oder finanziell ënnerstëtzt, virgestallt.

An dësem Kontext ass och a Presenz vum Museker David Ianni an dem Kënschtler Raphael Gindt de Schëfflenger Piano ageweit ginn.

Hei an eiser Retrospektiv fannt Dir elo all déi Projeten, déi scho lancéiert sinn – och wann eise Schëfflenger E22-Mount nach virun der Dier steet. Kuckt Iech dofir och eis Broschür un, déi dir Enn Mee an Ärer Boîte leien hat. Dir fannt se och online. Op dëser Plaz verweise mer dann och nach eemol op eis extra Rubrik Esch2022 op eisem Site. Hei fannt Dir all d'Detailler zu deene verschidde Projeten.



















**FR** __ Le Collège des bourgmestre et échevins avait invité les citoyens de Schifflange à la présentation des projets culturels dans le cadre d'Esch2022, qui enrichiront notre commune tout au long du mois de Schifflange2022 (21 juillet – 18 août) et au-delà.

Dans ce même contexte, le «Schëfflenger Piano» a été officiellement inauguré.

Dans cette rétrospective spéciale, vous allez retrouver tous les projets qui ont déjà eu lieu, respectivement qui ont été lancés – vu que la plupart des projets mettent aussi l'accent sur la durabilité (dans le temps également). N'oubliez pas de jeter un coup d'oeil dans la brochure «Schëffleng goes culture» qui reprend toutes les dates et activités à retenir. Pour plus de renseignements, notre rubrique Esch22 sur schifflange.lu pourra sans doute vous aider.










# 1001 Tonnen

**LU** _ Wat steet dann hei an der Géigend ronderëm? Dëse Projet vum Jessica Theis, soll d'Leit op de "Littering" hiweisen. E Problem, mat deem mer all ze kämpfen hunn. D'Fotografin huet sech intensiv mam Thema ausernee gesat an a Biller festgehalen, wéi skrupellos d'Mënschen hir Natur verknaschten.

D'Gemeng Schëffleng ass houfreg, dës "Fotoausstellung" als éischten Esch2022-Projet dobaussen ze weisen. De 26. Mäerz – op eiser traditioneller "Fréijoersbotz" gouf de Projet offiziell virgestallt. Zënterdeem a bis nach Enn des Joers kënnt Dir d'Resultat op eng vun deene ville Gittergesteller, déi an der Gemeng verdeelt sinn, gesinn an Iech schudderen, wéi eng Zort Offall d'Jessica Theis am Virfeld vu sengem Projet fonnt an a Bild festgehalen huet.



1001 Tonnen
photography Jessica Theis





**FR _ Près de chez vous avec un projet plus qu'actuel.** La Commune de Schifflange, consciente, responsable et engagée dans le domaine de la durabilité, est fière d'accueillir comme premier projet « 1001 Tonnen ». Ce projet, réalisé par la photographe Jessica Theis dans le cadre de la Capitale européenne de la Culture, traite la problématique du « littering ». A part cette exposition, l'artiste publiera un livre et organise bien d'autres actions autour du thème.

Le 26 mars 2022, c'est la date de l'inauguration de cette exposition « outdoor » sur la Place de la Liberté suite à notre traditionnelle action de nettoyage « Fréijoersbotz ». Par ailleurs d'autres parties de cette exposition sont dispersées dans toute la commune.



**Pourquoi cette exposition ?**
Un fouillis sublime consistant des 1,6 kilos de déchets sauvages que – en moyenne – chaque résident du Luxembourg jette dans la nature.

« Non je ne vous raconte pas une histoire, et sûrement pas un conte de fée, ce n'est pas non plus un titre pour rêver mais c'est la pure et simple réalité » dit la photographe.

Selon la statistique, on a 1,6 kilos de déchets sauvages par habitant par année au Luxembourg. Si on multiplie ceci par 626.000 habitants, on obtient un total de 1001 tonnes de déchets sauvages par année, soit 103 kilos de déchets sauvages par km le long des routes de campagnes et 216 kilos de déchets sauvages par km le long des autoroutes. Tout ceci coûte au Grand-Duché 1,2 millions d'euros par année.

Jessica Theis a photographié tous les déchets sauvages que les gens laissent derrière eux : des baignoires, dont on se débarrasse au fond des forêts, en passant par les saletés que les gens abandonnent dans la nature après leur barbecue, jusqu'aux mégots et aux cannettes balancés par les fenêtres de leurs voitures. En prenant ces photos, elle a essayé de comprendre pourquoi les gens se comportent de la sorte et pourquoi ils ont si peu de respect pour leur environnement.

Le projet veut contribuer à la sensibilisation autour de la pollution de l'environnement, avec notamment la création d'un livre et d'une exposition. Mais sont aussi prévus des expositions en plein air, une campagne de sensibilisation le long des autoroutes, un « take action day », ainsi qu'une exposition itinérante avec des ateliers pour les écoliers du pays entier.

1001 Tonnen
photography Jessica Theis

# E22 Lancement "Spieglein, Spieglein"

### LU — Wat steet dann do an der Gemeng verstreet?

De 15. Juni ass am Kader vun enger Pressevisitt de Projet "Spieglein, Spieglein" presentéiert ginn. A senger Ausstellung huet d'Fotografin Jessica Theis, sech mam "selfie" beschäftegt a rifft d'Leit op sech op deene verschiddenste Plazen an der Regioun selwer ze knipsen (ouni sech dohinner mussen ze déplacéieren) an dëse selfie op déi sozial Medie mam Titel vun der Ausstellung (Spieglein, Spieglein oder miroir, miroir) ze posten.

Méi zu dësem ganz aktuellen Thema an der Fotografin, déi och nach een zweete Projet am Kader vun der europäescher Kulturhaaptstad lafen huet, fannt Där am Pressedossier op eisem Site an der Rubrik Esch2022.








### FR — Que voit-on éparpillé dans la commune ?

Le 15 juin, le projet « Spieglein, Spieglein » (Miroir, miroir) a été présenté dans le cadre d'une visite de presse. Dans son exposition, la photographe Jessica Theis s'est intéressée au « selfie » et invite les gens à se prendre en photo dans différents lieux de la région (sans devoir se déplacer) et à poster ce selfie sur les réseaux sociaux avec le titre de l'exposition (Spieglein, Spieglein ou miroir, miroir).

Plus d'informations sur ce sujet très actuel et sur la photographe, qui mène également un deuxième projet dans le cadre de la Capitale européenne de la culture, sont à retrouver dans le communiqué de presse sur notre site dans la rubrique Esch2022.













## INFO





Ancien look

# Aweiung – D'So vum Marxeweier

**LU** D'So vum Marxeweier – eng Schëfflenger Legend gouf erëm opliewe gelooss...

Als eng vun den nohaltegste Gemengen zu Lëtzebuerg, lancéiert Schëffleng reegelméisseg Projeten an Initiativen zu Gonschte vun der Ëmwelt. Dëst Joer hu mir d'Geleeënheet genotzt fir Kultur an Nohaltegkeet mateneen ze verbannen. D'Resultat ass de **Renaturéierungsprojet ëm de Marxeweier am Schmëttbësch** - ee vun eisen zwee Haaptprojeten am Kader vun Esch2022, dee mir mam Architektebüro **Beng** ugaange sinn.

Et war gutt waarm sonndes, den 19. Juni am Schmëttbësch an et huet gewibbelt vu Leit op der Aweiung vum pluridisziplinäre Projet ronderëm d'So vum Marxeweier. Dëse Projet fir Jonk & Al, Déck & Dënn léisst op Basis vun enger aler Legend eng ganz Rei Attraktiounen entstoen. Niewent engem flotten Trëppeltour, pedagogeschen Erklärungen zum Thema Waasser, engem neie Schëfflenger Lidd (Kompositioun ënnert der Leedung vum **Eric Gherardi**) a schéine Skulpturen (vun de Kënschtler **Tom Flick** an **Doru Nuta**), gouf och fläisseg un engem Buch (Geschicht vum **Betsy Dentzer**, Illustratioune vum **Pit Wagner** a Layout vu **Plan-K**) geschafft. Eng éischt Editioun vun 1000 Exemplairë wäert an noer Zukunft vun der Asbl "Schëffleng Hëlleft" verkaf ginn.

Entdeckt och Dir d'So vum Marxeweier an déi nei amenagéiert Quell am Schmëttbësch! Et ass derwäert!

**FR** « D'So vum Marxeweier » – une légende de Schifflange renaît.

Reconnue comme étant l'une des communes les plus durables au Luxembourg, Schifflange lance continuellement des projets et des initiatives en faveur de l'environnement. Cette année, nous avons profité pour allier la culture au développement durable en faisant renaître une ancienne légende. Il en résulte un **projet de rénaturation de la source du Marxeweier au Schmëttbësch** – un de nos deux grands projets dans le cadre d'Esch2022.

Le 19 juin, un dimanche sous un soleil radieux, la forêt a accueilli beaucoup de monde à l'occasion de l'inauguration du projet pluridisciplinaire autour de la légende du Marxeweier. Ce projet, qui s'adresse aux petits et aux grands, englobe un certain nombre d'attractions autour de cette ancienne histoire locale. En plus d'un beau parcours à pied, d'explications pédagogiques au sujet de l'eau, d'un nouveau arrangement musical (par l'Harmonie municipale de Schifflange) et des sculptures captivantes (par les artistes Tom Flick et Doru Nuta), les spectateurs ont également eu l'opportunité de jeter un coup d'oeil dans le nouveau livre luxembourgeois « D'So vum Marxeweier » (texte par Betsy Dentzer, illustrations par Pit Wagner et layout par plan-K).

Rejoignez-nous pour découvrir la légende du Marxeweier dans cet écrin de verdure nouvellement aménagé au Schmëttbësch. Cela en vaut la peine.






























Nouveau look



## INFO

**FR** — Plusieurs actions autour de ce projet pluridisciplinaire vont suivre… Plus d'infos et le dossier de presse sur **schifflange.lu.**

**LU** — Ronderëm dëse spannende Projet wäerten an nächster Zäit nach méi Aktioune lafen… Méi Informatiounen an de Pressedossier fannt Dir op **schifflange.lu.**

Ancien look



# Ouverture FerroForum

**LU —** De Projet FerroForum gouf schonn den 29. Abréll. 2022 offiziell ageweit. Wann Där de Startschoss mat der éischter Coulée de fonte verpasst sollt hunn, kritt Där awer sécher nach genuch Geleeënheeten op de Site vun der Metzeschmelz Esch-Schëffleng ze kommen an lech unzekucken, wat d'asbl FerroForum déi lescht zwee Joer do opgebaut huet.


D'Gemeng Schëffleng ënnerstëtzt dëse Projet, deen am Kader vun Esch2022 op d'Been gestallt ginn ass, op der ganzer Linn. D'Iddi ass och, datt en no 2022 soll weider bestoe bleiwen.

FerroForum setzt sech an fir d'Erhalen vum Knowhow vun de Schmelzaarbechter an erméiglecht eis haut nees e liewegen Abléck an déi aktiv Zäit vun der Stolindustrie ze kréien.

**FR —** Le projet FerroForum a été officiellement inauguré le 29 avril 2022. Si vous avez raté le départ de la première coulée de fonte, vous aurez sûrement d'autres occasions de visiter le site des anciennes friches Metzeschmelz Esch-Schifflange et de voir ce que l'asbl FerroForum a construit au cours des deux dernières années.

La Commune de Schifflange soutient ce projet, qui a été mis en place dans le cadre d'Esch2022, sur toute la ligne. L'idée est de le faire également persister après 2022.


FerroForum s'engage à maintenir le savoir-faire des ouvriers de la fonderie et nous permet aujourd'hui d'avoir un aperçu vif de la période active de l'industrie sidérurgique.











## INFO

**FR —** Plus d'informations sur ferroforum.lu
**LU —** Méi Informatiounen fannt Dir op ferroforum.lu

# Um Tuer mat “Minett on Tour”

**LU —** Am Sënn vun engem nohaltegen, intergenerationellen an internationale Kulturprojet hat d'Harmonie municipale vun der Stad Déifferdeng de Projet "Minett on Tour" an d'Liewe geruff.

**Den 18. Juni** war et sou wäit. Ugefaange mat eiser treier HMS, ass eng Museksgrupp no där anerer bei de Kiosk op Schëffleng gefuer komm an alleguer hu se gewise wat se kënnen. Bei där décker Hëtzt waren d'Musiker frou, sech no all Akt nees dierfen an hire jeweilege Bussen z'erblosen.

No 10 klenge Concerte vu jeweils 10-15 Minutten ass zum Schluss am Kader vun enger grousser Finall mat 2022 Museker zu Déifferdeng en neie lëtzebuerger Rekord opgestallt ginn.

**LU — Hei war de Plang vun de Concerten, déi zu Schëffleng beim Kiosk virzefanne waren:**

**FR — Voici le planning des concerts qui ont eu lieu à la Place Grande-Duchesse Charlotte à Schifflange :**


**10.00** Harmonie Municipale Schifflange
**10.40** Harmonie Municipale Esch
**11.20** Harmonie Concorde Sanem
**12.00** Harmonie Clemency
**14.00** Harmonie Municipale Pétange
**14.40** Harmonie Municipale Differdange
**15.20** Orchestre du Pays Haut Val d'Alzette
**16.40** Harmonie Municipale Rumelange
**17.20** Jusik Jugendensembel Harmonie Municipale Bettembourg & Fanfare Ste Cécile Huncherange
**18.00** Harmonie Municipale Mondercange

**FR —** Tout en respectant l'esprit d'un projet culturel durable, intergénérationnel et international, l'Harmonie municipale de la Ville de Differdange avait lancé le projet « Minett on Tour ».

Le grand jour était **le 18 juin** : après 10 petits concerts de 10 minutes chacun, un nouveau record luxembourgeois a été établi dans le cadre d'une grande finale avec 2022 musiciens à Differdange.









# Die Maschine steht still

**LU** — En aussergewéinlecht Theaterstéck organiséiert an Zesummenaarbecht mam TNL a Schüler aus dem Escher Jongelycée. Dës Opféierung baséiert um Roman “Die Maschine steht still” (1909) vum E.M. Forster an ass haut grad esou aktuell wéi deemools.


D’Virstellunge waren den 30.Juni, sou wéi den den 3., 6., 8., 9. an 10. Juli. Eng extra Séance fir d’Schëfflenger Bierger gouf et de 7. Juli.

Méi Infoen online!













**FR** — Une pièce de théâtre extraordinaire organisée en collaboration avec le TNL et les élèves du Lycée de Garçons d’Esch. Cette performance est basée sur le roman «Die Maschine steht still» (La machine est à l’arrêt) d’E.M. Forster. Le thème est tout aussi pertinent aujourd’hui qu’il l’était en 1909.

Les représentations ont eu lieu fin juin et début juillet et une séance spéciale pour les citoyens de Schifflange était programmé le 7 juillet.

Plus d’infos en ligne.

# Pressekonferenz Metzeschmelz

**And the winner is... "Metzeschmelz"**

**LU** _ De 27. Juni gouf no engem ëffentleche Concours den Numm vum zukünftege Wunnvéierel op de Frichen Esch/Schëffleng bekannt. Niewent de politesche Verantwortlechen aus béide Gemengen an de Vertrieder aus dem Nohaltegkeetsministère an der AGORA waren och déi dräi Lauréate vum Concours dobäi, wou d'Schëld mam Numm: **METZESCHMELZ** devoiléiert ginn ass.

Op de fréiere Frichen, och nach "ARBED Esch-Schëffleng" genannt, wäerten an Zukunft ëm déi 10.000 Awunner liewen. Dësen Terrain vu ronn 63 Hektar läit zu plusminus 90% op Escher Säit an deemno 10% zu Schëffleng. Wéi de Buergermeeschter Paul Weimerskirch betount huet, freet sech d'Gemeng Schëffleng besonnesch fir de Waassertuerm an d'Pompelhaus an de Projet vun engem zukünftege Musée anzebannen, deen de Patrimoine vun der Stolindustrie an d'Handwierk vum Schmelzaarbechter behandele wäert.

**FR** _ Après un concours public, le nom du futur quartier résidentiel sur les friches Esch/Schifflange a été annoncé le 27 juin. En plus des dirigeants politiques des deux communes et des représentants du Ministère du Développement durable et de l'AGORA, les trois lauréats du concours ont également été présents pour ensemble dévoiler le nouveau panneau portant le nom : **METZESCHMELZ.**

L'ancien site sidérurgique, également appelé «ARBED Esch-Schifflange», comptera à l'avenir environ 10 000 habitants. Ce terrain d'environ 63 hectares est situé au moins à 90% côté Esch et donc à 10% à Schifflange. Comme l'a souligné le bourgmestre Paul Weimerskirch, la Commune de Schifflange se réjouit particulièrement d'intégrer le château d'eau et la salle des pompes dans le projet d'un futur musée, qui traitera du patrimoine de la sidérurgie.










**Déi dräi Lauréaten heeschen:**
**Voici les trois lauréats :**

1) Metzeschmelz: **Liliane Bimmermann**
2) Feierstëppler: **Paul Büchler**
3) Stolwierk: **Kevin Gilbert Fausto Putz**

# Neieg-keeten



**LU — Mir schreiwen d'Kulturjoer Esch2022. Eise Schëfflenger Mount steet virun der Dier. Alles, wat een iwwert eis Projete wësse muss, fënnt een an dëser Rubrik. Opgepasst: eis Schëfflenger2022-Projeten, déi scho lancéiert sinn, kënnt Dir an eiser Rubrik "Retrospektiv" noliesen.**

**FR —** C'est l'année culturelle Esch2022. Le mois de Schifflange est arrivé. Tout ce que vous devez savoir sur nos projets se trouve dans cette section. Attention : les projets Schifflange2022 déjà lancés sont à découvrir dans notre rubrique « Rétrospective ».

# Interview mat eisem Schäfferot


**LU—** Esch2022 hëllt dëst Joer natierlech vill Plaz an eisem Schëfflenger Alldag an… Vill Servicer aus der Administratioun hunn de près ou de loin eppes mat der Organisatioun vum Kulturjoer ze dinn. De Service des citoyens et de la communication schafft op Héichtouren, fir datt d'Projeten all kënnen – niewent dem daily business – ëmgesat ginn. Mee virun allem eisen Atelier technique ass nach méi am Damp wéi soss an dofir hinnen op dëser Plaz e rise grousse **Merci** fir déi gutt Aarbecht, déi si reegelméisseg maachen. Och eis Conciergen an eis Botzekipp däerf an dësem Zesummenhang mat all den Evenementer vun Esch2022 an doriwwer eraus net vergiess ginn.

Fir lech all op eise Schëfflenger Mount (22.07-18.08.22) anzestëmmen, hu mir eisem Schäfferot e puer Froen zum Thema gestallt…



**Schäfferot - Collège échevinal**

## Paul Weimerskirch



**Wat bedeit et fir Dech, datt Schëffleng en Deel vun Esch2022 ass?**

De Projet Kulturhaaptstad Esch2022 ass den Treffpunkt schlechthin vun den europäesche Kulturen an Natiounen. Vill Gemengen aus der Minettregioun an aus der franséischer Grenzregioun sinn aktiv dobäi an och Schëffleng ass een Deel vun dësem Projet.
E wichtege Projet mat neie Chancen a Perspektive fir Schëffleng, fir eis Geschäftswelt a Commerçanten, fir eis Veräiner … et geet drëms Schëffleng op der Landkaart vun den touristeschen Attraktiounen am Süden ze stäipen an nei opliewen ze loossen.
Esouwuel déi kleng ewéi och déi grouss Projetë sollen dozou bäidroen. Dofir eisen Engagement fir d'So vum Marxeweier. Dofir de Remix vun eisem Eurofestival "Europe goes Scuffelingen". Dofir eisen Engagement vum Schëfflenger Konschthaus. Dofir eisen Asaz op der Frich vun Arcelor-Mittal am Pompelhaus beim Waassertuerm e Musée vum Schmelzaarbechter z'installéieren an domat de Patrimoine de la Sidérurgie z'ënnerstëtzen. Dofir déi verschidde Concerten, Theaterprojeten a villes méi.
Waakreg maache fir Kultur an Zesummeliewen tëschent Leit aus verschidden Natiounen a Relounen. Mateneen eens ginn am klengen an am groussen. Dat ass E22, dat faszinéiert mech an dofir sinn ech frou, datt Schëffleng an dësem Mosaik e wichtege Steen ass!

**Wat ass Däi "Coup de cœur" vun eise Projeten?**

De Coup de cœur ass virun allem d'Tatsaach, datt mir aktiv dobäi sinn, op villen Ebenen, mat ënnerschiddleche Projeten. De Marxeweier mat der Renaturéierung vun der Quell am Schmëttbësch, den Eurofestival – also den Treffpunkt vun den europäesche Bierger aus ë.a. dem Baltikum, Italien a Spuenien, aus Däitschland a Frankräich, aus der Belscht an Irland – dat alles huet säi Charme a säi Flair.
De Projet 1001 Tonnen an d'Aktioun Spieglein, Spieglein sinn iergendwéi interaktiv Iddien, déi eis Gemeng beräicheren. Si sinn Deel vun eisen Aktioune fir Nohaltegkeet an Zesummestoen. Dat selwecht gëlt fir eis Kooperatioun mat dem FerroForum an dem Schmelzaarbechter-Musée, wou mir zesumme mat anere fir de Stol-Patrimoine mobiliséieren. All Projet huet seng Eegenaart, léisst nodenken a motivéiert zu neiem Engagement fir Kultur a Gesellschaft!
Mir dierfen net vergiessen, datt eis Aarbecht fir E22 een nohaltegen Engagement ass, mat eben neie Perspektive fir eis Gemeng.

**Mengs Du, datt eppes "iwwreg bleiwe wäert" vun där ganzer Kulturhaaptstad? Ass et eng Plus-Value fir eis?**

Jo, et ass eng Plus-Value fir d'Regioun a fir Schëffleng. Eleng déi vill Projete beliewen eis Regioun. Et ginn op villen Niveauen – um touristeschen, kulturellen, sozialen a gesellschaftleche Plang – Leit mobiliséiert, engagéiert, encouragéiert fir matzemaachen. Do bleift villes an der Erënnerung, wat ni verschwënnt, a wou ech dovunner iwwerzeegt sinn, datt trotz alle Schwieregkeeten, de klengen a grousse Suergen, der viller Aarbecht – villes iwwreg wäert bleiwen, wat zu neien Engagementer féiert, wat ëmmer nees ureegt geträppelt Pied ze verloossen an Ziler ze veränneren.
Et ass ewéi bei allem: net dat Materiellt ass wichteg, neen et ass dat Mënschlecht, dat wat eis zesumme schweesst ... an dat kristalliséiert ëmmer nees bei Evenementer, wou Leit engagéiert sinn, matmaachen, Responsabilitéit droen, eraus.
Natierlech verschwannen och déi nei Infrastrukturen net, déi am Kader vun E22 opgebaut, renovéiert a moderniséiert ginn. D'Wasserjoffere beim Marxeweier bleiwen, eis Schëfflenger Künstlerin Yvette Gastauer realiséiert mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng de Footprint, een immens flotten, attraktiven a sympathesche Projet, dee mir um Häerz läit, wou ech mat Spannung a Virwëtz drop waarden. E Projet, deen op eng speziell Aart a Weis Schëffleng symboliséiert.

**Has Du schonn d'Chance E22 Projeten (och ausserhalb vu Schëffleng) kucken ze goen? Wat ass Däi grousse Wonsch un E22?**

Als aktive Musikant a Basstubaspiller hat ech d'Chance u Projeten aktiv deelzehuelen, zu Schëffleng an och op anere Plazen. Als Buergermeeschter ginn ech op vill Plazen offiziell invitéiert a je no Zäit sinn ech natierlech präsent, awer och als Privatmann genéissen ech zesumme mat menger Fra villes, mir sinn interesséiert u Konscht, Musek a Kultur a maachen zesummen, wat méiglech ass.
Esch2022 ass a bleift een Zeeche vu Fridden, vum Mateneen… an dëse Cadeau solle mir heegen a fleegen.

**Wat ass Däi Liblingsgadget, dee fir Dech perséinlech KULTUR representéiert?**

Ech si kee Mënsch vun de Gadgeten, dofir kann ech hei keng Ausso maachen iwwert e Liblingsgadget. E philosophesche Gedanken dozou: **Mir hunn op dëser Welt d'Aufgab eis z'engagéiere fir de Mateneen, fir Oppenheet a fir Toleranz.** Dat ass ee Geschenk fir d'Eiwegkeet. An do soen ech ëmmer dëst – fräi zitéiert vum fréieren UNO-Generalsekretär Dag Hammarskjöld: Hal ni op unzefänken a fänk ni un opzehalen an Dengem Engagement fir eng besser Welt!



**Albert Kalmes**



**Wat bedeit et fir Dech, datt Schëffleng en Deel vun Esch2022 ass?**

Fir mech ass et eng grouss Chance fir d'Kultur zu Schëffleng nohalteg – an och iwwert 2022 eraus – ze promouvéieren. D'Evenementer a Projeten am Kader vun E22 maache Schëffleng méi an anescht bekannt. Schëffleng ass vill méi wéi eng Uertschaft um Rand vun enger industrieller Frich. Schëffleng gëtt méi attraktiv. Kultur kann dozou bäidroen, d'Identifikatioun vun de Bierger*innen mat hirer Uertschaft ze stäerken an de Leit dat houfregt Gefill ze ginn, datt se op där richteger Plaz wunnen.

**Wat ass Däi Liblings Schëfflenger Projet?**

Bis elo ass mäi Coup de Coeur d'So vum Marxeweier. An dat well de Projet d'**Kultur** (an all hire Facetten), d'**Natur** (wéinst dem Bësch an dem Waasser), d'**Fräizäit** (Benotze vum Areal duerch z.B. de Club Senior fir GiGong Coursen) an d'**Educatioun** (genotzt duerch ë.a. d'Bëschzwergen) matenee verbënnt.

**Ass d'Kulturhaaptstad Esch2022 eng Plus-Value fir d'Regioun, fir Schëffleng (op touristeschem, kulturellem, sozialem Plang)?**

Dat soll den Objektiv vum Kulturjoer sinn. D'Schëfflenger Konschthaus bleift, de Marxeweier bleift, d'Schmelz gëtt weider entwéckelt – notamment duerch de FerroForum, d'Notze vum Waassertuerm a vum Pompelhaus, asw. En anere Projet, dee seng Tracen hannerloosse wäert ass de "Footprint". Aner Projete bleiwen de Leit bestëmmt och nach eng Zäit an der Erënnerung – an och Erënnerungen hunn e positiven Impakt op d'Kulturbewosstsinn.

**Abbes, wéi stees Du als Schäffe fir den Développement durable, zu den Termen "Remix nature" a "Charte durabilité", mat deenen Esch2022 Reklamm mécht?**

Besser wéi "Charten" ass natierlech de Fait, datt ee wierklech eppes Nohalteges mécht. Et brauch een net onbedéngt ee Label. Schëffleng huet an deene leschten zwee Joren den ODD-Check gemaach. Mir stinn do guer net schlecht. Ech fannen et awer normal, datt et sou een Dokument als Zil gëtt, och wann een net bei all Punkt vun der Charte op 100% kënnt.
"Remix nature"... Dëst ass e relativ vage Begrëff. Et ass kloer, datt de Mix ëmmer méi interessant, méi flott a méi nohalteg ass, wéi alles wat eesäiteg a mono ass. Fir mech ass et natierlech wichteg, datt fir eis Projeten, esou vill Aktivitéite wéi méiglech am Aklang mat der Natur stinn. Sou datt, egal wat mir mixen (maachen), et der Natur net schueden däerf. Mir sinn en Deel vun der Natur an däerfen eis op kee Fall iwwert si stellen.

**Has Du schonn d'Chance Esch2022-Projeten (och ausserhalb vu Schëffleng) kucken ze goen? Wat ass Däi grousse Wonsch un E22?**

Den Ufank vun E22 war nach staark duerch de Covid gepräägt, ech wollt deemno net u Massenevenementer deelhuelen. Ech hoffen awer nach bei deem engen oder anere gréisseren Event ausserhalb vu Schëffleng kënnen dobäi sinn. Mäi grousse Wonsch wier, datt duerch E22 méi Leit sech fir kulturell Projeten interesséieren an datt och op kulturellem Plang Initiativen entstinn, déi net onbedéngt vun der Gemeng initiéiert ginn, mee vun der Populatioun eraus wuessen fir datt Schëffleng ëmmer méi op déi kulturell Landkaart réckelt.



Marc Spautz

**Wat bedeit et fir Dech, datt Schëffleng en Deel vun Esch2022 ass?**

Esch2022 ass eng Chance fir de Süden, fir eise Minett, sech vun enger anerer Säit ze weisen!

**Wéi ee Projet läit Dir am meeschten um Häerz?**

D'Industrie-Kultur ass mäi Favorit! Alles, wat op deene jeeweilege Sitten an natierlech virun allem ronderëm "eis" Schmelz realiséiert gëtt fannen ech flott. Et ass héich Zäit ginn, datt dëse Beräich revaloriséiert gëtt, well en sech och nach immens gutt fir Kulturprojeten ubitt. Et ass dëst nämlech eng Plaz, wou de Räichtum an d'Entwécklung vun eisem Land eng vu senge "Wéien" huet.

**Marc, als Schäffe fir d'Integratioun, fënns Du de Slogan "Remix culture" sécher gutt... Inwiefern dréit d'Kulturhaaptstad zu engem bessere "Mateneen" bäi?**

Integratioun an Zesummeliewen hunn och e kulturellen a sportlechen Aspekt. An der Integratioun vun de Mënschen – egal vu wou se kommen, egal wéi eng Hautfaarf a Relioun se hunn – spille Kultur a Sport eng immens grouss Roll. An deem Sënn hu mir eist traditionellt Integratiounsfest hei zu Schëffleng an d'"Fest vun de Kulturen" ëmgenannt, well Integratioun e wichtegen Deel vun engem gudden Zesummeliewen ass.

**Wat verbënns Du perséinlech an Dengem Liewe mat "Kultur"?**

Fir mech ass dat d'Schéinheet vun der Musek an der Konscht. Kultur ass eng Beräicherung fir eis Gesellschaft. Se gëtt mär a villen anere Leit ganz vill. Wann et engem mol net esou gutt geet, hëlleft d'Musek am Alldag, awer och ëmgedréint, kann sech d'Musek der Laun upassen. Eppes wat schéin ass, gëtt nach méi schéi gemaach. An deem selwechte Sënn, ass d'Schéinheet vun der Konscht eng Wueltat fir d'A, déi einfach gutt deet, wann ee se erlieft.

**Carlo Lecuit**



**Wat bedeit et fir Dech, datt Schëffleng en Deel vun Esch2022 ass?**

Nodeems Lëtzebuerg schonn zwee Mol Kulturhaaptstad war, ass et endlech nees un eis. Dat mécht mech immens frou! En plus sinn ech als Schëfflenger Jong souwisou total iwwerzeegt vun der Schéinheet vun eiser Regioun a virun allem vun där vun eiser Gemeng. Schonn als Kanner si mir op der "Abenteuerspillplaz" um Lalléngerbierg ronderëm gelaf an hu Schätz entdeckt. All dës Saache vun deemools (Fossilien, Minière, Natur, asw.) ginn elo nees nei op-gewäert. Wann s de kucks, wat aus eisem Minett ginn ass, kann een nëmme staunen!

**Wat kanns Du zu eise Schëfflenger Projete soen?**

Ech si ganz gespaant op d'Opféierung vun "Die Maschine steht still". Well ech jo selwer an der Regie vum Schëfflenger Theater sëtzen, intresséiert et mech perséinlech, wéi se dat technesch hikréie wëllen, fir déi speziell Virstellung fir d'Schëfflenger Bierger de 7. Juli op zwou verschiddene Plazen ze realiséieren.

Mäi Coup de Coeur ass natierlech d'So vum Marxeweier. Et ass héich Zäit ginn, datt mir dëse flotte Site ronderëm d'Quell am Schmëttbësch nei amenagéiert hunn. Dëst ass elo net just eng Plus-Value fir eis Gemeng, mee d'Thematik vum Waasser ass esou wichteg fir eis Kanner, fir eis Zukunft.

**Mengs Du, datt eppes "iwwreg bleiwe wäert" vun där ganzer Kulturhaaptstad?**

Sou wéi ech d'Saach ëmfannen, huet den Titel "Kulturhaaptstad" grad e gudden Effekt op eis Regioun. Ech gesinn, datt déi auslännesch Press sech intresséiert an dëst dréit sécherlech dozou bäi, datt dee "knaschtege Minett" revaloriséiert gëtt. De Süde gëtt dacks sous-estiméiert, dobäi hu mir esou vill fantastesch Saachen ze bidden.

**Carlo, Du bass Schäffe fir Design4all. Wat kanns Du zu der E22 Charte d'accessibilité soen?**

Natierlech leeën ech ëmmer Wäert op Accessibilitéit. Ech weess awer och wéi schwéier et ass, dëse Punkt an der Realitéit ëmzesetzen. Den héije Käschtepunkt ass net eleng de Problem, mee och d'Faisabilitéit. Den Terrain bitt sech net ëmmer un fir eng PMR-gerecht Léisung z'installéieren. Dat gesi mir jo och hei an der Gemeng – schonn alleng op de Frichen. Trotzdeem sinn ech frou, datt Design4all ëmmer méi an de Fokus geréckelt gëtt – och wann ech meng Bedenken hunn, datt dëst bei all E22 Projet machbar ass...

**Wat bedeit fir Dech "Kultur"?**

Ganz jonk scho war ech u Kultur(en) an der Vergaangenheet intresséiert – zemools d'Ägypter hate mech gepaakt. Awer och di technesch Kultur ass mäi Spezialgebitt, ee vu mengen Hobbyen ass jo d'Fléien. Wéi mir lues a lues vun deene "knaschtegen" Technike op déi modern a propper zousteieren faszinéiert mech.


Ech konnt mech awer schonn ëmmer fir Kultur am Allgemenge begeeschteren – an zwar Kultur an all hire Formen, ob gemoolt, gesongen, geschwat oder gedanzt. Dofir fannen ech et och nëmme richteg, datt mir eis eege Galerie, eist "Schëfflenger Konschthaus" hunn, wou mir Villes ubidden an ausdrécke kënnen – vu Fotografie iwwer Liesungen bis zur klassescher Konscht.

# Esch2022: Schëffleng2022

**LU _ Eis Schëfflenger Projeten, déi zum Zäitpunkt vun der Redaktioun nach net lancéiert waren, an alles wat een doriwwer wësse muss.**

**FR _ Voici le desciptif de nos projets Esch2022 qui n'ont pas encore été lancés au moment de la rédaction du magazine.**

## Concert 7 Sois




FR _ Cet orchestre est composé de 6 musiciens exceptionnels qui viennent du Cap-Vert, d'Espagne, d'Italie, du Maroc, du Portugal et du Luxembourg et qui ne se sont jamais rencontrés auparavant. Ils ne parlent pas la même langue, mais se comprennent grâce à la musique. Le résultat après une semaine de cohabitation dans une résidence d'artistes : la programmation de 11 concerts dont vous avez peut-être pu vous laisser surprendre le **6 juillet à la Place Grande-Duchesse Charlotte.**




LU _ Dësen Orchester besteet aus 6 aussergewéinleche Museker, déi vum Cap-Vert, aus Spuenien, Italien, dem Maroc, Portugal a Lëtzebuerg kommen a sech virdrun net kannt hunn. Si schwätzen net déi selwecht Sproochen, mee verstännegen sech iwwert de Wee vun der Musek. No enger Woch Zesummeliewen an enger Kënschtlerresidenz steet d'Programmatioun vun den 11 Concerten. Si trieden zesummen op mat der Beetebuerger Chorale "Sängerfreed". De **6. Juli** hutt Dir Iech jo vläit kënne **beim Kiosk** vum Resultat iwwerrasche loossen.

# Hidden Sessions

**FR _** Ce projet invite un nombre limité de personnes dans un lieu jusque-là secret où une ambiance magique avec des performances musicales et artistiques les attend. Cette collaboration avec la Maison des jeunes, le club photo et les « Schmelzaarbechter » de Schifflange permet une participation inclusive et immersive de tous les visiteurs.

Hidden Sessions relie l'histoire à la culture de manière créative et interactive et promet d'être une expérience inoubliable.

**Event / événement**
**L'événement du 22.07.2022 est ANNULÉ et reporté au mois de septembre/octobre 2022.**

Plus d'**infos** sur hidden-sessions.lu

**LU _** Dëse Projet invitéiert eng limitéiert Unzuel u Leit op eng bis elo nach geheim Plaz a bitt eng magesch Atmosphär mat musikaleschen an artistesche Live-Performancen.

Dës Zesummenaarbecht mam Schëfflenger Jugendhaus, dem Fotoclub a mat de Schëfflenger Schmelzaarbechter erméiglecht eng inklusiv an immersiv Participatioun vun alle Visiteuren. Hidden Sessions verbënnt d'Geschicht mat der Kultur op eng kreativ an interaktiv Aart a Weis a verspriécht en onvergiesslecht Erliefnis ze ginn.





# Les Ensembles 2.2.




**FR** — Les Ensembles 2.2 mélangent le passé avec le futur et la nature avec la science-fiction. Avec l'aide d'une nouvelle application, les gens pourront découvrir une de nos réserves naturelles d'une toute nouvelle manière.

**LU** — Les Ensembles 2.2 mëschen d'Vergaangenheet mat der Zukunft an d'Natur mat Science-Fiction. Mat Hëllef vun enger neier App kënnen d'Leit eist Naturreservat op eng vollkommen nei Aart a Weis entdecken.



Les ensembles 2.2

Arts sonores et hybrides

Ici, plongez dans une fiction sonore à ciel ouvert

GOH by Les Ensembles 2.2

Parcours sonores

Soundwalk

Here, immerse yourself in an open-air sound fiction

**Wéini? / Quand ?**
**Summerufank 2022 / Début de l'été 2022**

**Wou? / Où ?**
**Naturreservat Brucherbierg-Lalléngerbierg**

**Start / Départ :**
**Parking Stade Jean Jacoby**

**Dauer / Durée :**
**60-90 Minutten / minutes**

**Alter / Âge :**
**ab 10 Joer / à partir de 10 ans**



**LU __** Fir déi 3. Kéier kënnt den Eurofestival nees eng Woch laang op Schëffleng. Déi heiten Editioun vun dësem risen Event steet awer ënnert engem ganz spezielle Stär, well en sech an de Kader vun eisem gréisste Schëfflenger-Esch2022-Projet areit an dofir ënnert dem Motto „Remix“ d’Leit vu Schëffleng an aus ganz Europa verzaubere wäert.

**FR __** Ce sera pour la 3ème fois que l’Eurofestival se déroulera à nouveau à Schifflange pendant une semaine. Cette édition de ce grand événement est placée sous la devise « Remix » et enchantera les habitants et toute l’Europe encore plus que d’habitude. Vous trouvez ici toutes les infos sur notre projet principal dans le cadre d’Esch2022.




GEMENG SCHËFFLENG

DANS LE CADRE DE E22 ESCH-SUR-ALZETTE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE

LUXEMBOURG LET’S MAKE IT HAPPEN

# PROGRAMME MUSICAL
# MUSIC LINE-UP

## EUROVILLAGE – MAIN STAGE – PLACE DE LA LIBERTÉ



### SAMEDI / SATURDAY
**23.07.**

20H00 | THE NOISE MAKERS
22H00 | DJ RAYMOND

### DIMANCHE / SUNDAY
**24.07.**

18H00 | COOL FEET
21H00 | TIMELESS

